N°3707
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

De 27. Februar 2026 huet de Ministère fir Digitaliséierung an engem Communiqué informéiert, datt um System, deen déi mobil Geräter (Smartphonen an Tabletten) geréiert, déi vum Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) administréiert ginn, eng Malware detektéiert gouf. De betraffene System gouf doropshi preventiv isoléiert, wat dozou gefouert huet, datt den Accès op déi intern Servicer vum Staat iwwer mobil Geräter zënter Donneschdeg Owend net méi disponibel ass.

Laut dem Communiqué bleiwen d'Servicer vum Staat zwar via Computer accessibel an operationell, d'Analysen zum Incident sinn awer nach amgaangen.

An deem Kontext géing ech follgend Froe stellen:

- Wéini genee ass d'Malware detektéiert ginn a wéi laang war de betraffene System méiglecherweis kompromettéiert?
- Ëm wat fir eng Zort Malware handelt et sech, a gëtt et Indicen, datt sensibel oder perséinlech Donnéeë betraff oder geklaut goufen?
- Sinn an dësem Fall och d'Geräter, déi vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) geréiert ginn, notamment d'Tabletten, déi an de Schoulen am Asaz sinn, vun dëser Malware betraff? Wéi vill mobil Geräter a wéi eng Administratioune respektiv Ministèren si konkret vun dëser Mesure betraff?
- Wéi eng Sécherheetsprogrammer a Kontrollmechanisme ware bis elo fir d'Gestioun vun de mobilen Apparater am Asaz, a ginn déi lo en vue vum Incident iwwerschafft oder verstäerkt? Wa jo, wat ass konkret geplangt?
- Gouf d'Commission nationale pour la protection des données (CNPD) informéiert? Falls jo, mat wéi enge Conclusiounen?
- Wéi gëtt d'Kontinuitéit vum ëffentleche Service fir déi Fonctionnairen a Beamten assuréiert, déi am Alldag op mobil Geräter ugewise sinn?

Mat déiwem Respekt

Ben Polidori
Deputéiert

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu